N°4454
Entrée le 14.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.07.2026
Chambre des Députés

**Här Claude WISELER**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 14. Juli 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weider ze leeden.

A verschiddenen europäesche Länner, ënnert anerem a Frankräich, der Belsch an Däitschland, ginn an de leschte Jore sougenannt „intelligent Luuchten" oder geschwindegkeetsgereegelt Verkéiersluuchten agesat. Dës Systemer kënnen eng rout Luucht aktivéieren, wann e Gefier mat enger ze héijer Vitess bei eng Plaz ugefuer kënnt, an hunn als Zil, d'Automobilisten dozou ze bréngen, d'Vitesslimitten ze respektéieren.

Esou Dispositiver ginn a lokalen Uertschaften, bei Schoulen oder op besonnesch geféierleche Stroossen agesat, fir d'Verkéierssécherheet ze verbesseren. Zu Lëtzebuerg ginn d'Vitesskontrollen aktuell haaptsächlech iwwer fix a mobil Radaren duerchgefouert.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an an ëffentlech Aarbechten stellen:

- Huet de Ministère schonn analyséiert, ob d'Aféierung vu geschwindegkeetsgereegelte Verkéiersluuchten zu Lëtzebuerg eng sënnvoll Moossnam kéint sinn, fir d'Vitess an den Uertschaften ze reduzéieren an d'Verkéierssécherheet ze verbesseren?
- Huet de Ministère Kenntnisser oder Evaluatioune vun esou Systemer aus dem Ausland, besonnesch wat hir Wierksamkeet bei der Reduktioun vun der Vitess an der Verbesserung vun der Sécherheet ugeet?
- Wär d'Madamm Ministesch bereet, zesumme mat interesséierte Gemengen, e Pilotprojet mat esou engem System op enger oder méi besonnesch sensibele Plazen ze lancéieren?
- Wa jo, no wéi enge Krittäre kéinten déi Plazen ausgewielt ginn a wéi en Zäitraum kéint fir d'Ëmsetzung vun esou engem Pilotprojet virgesi ginn?
- Falls d'Regierung dësen Usaz net wëll verfollegen: Wéi eng aner nei Mesurë si geplangt, fir d'Vitess besser ze kontrolléieren an d'Respektéiere vun de Limitten ze garantéieren?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Jeff BOONEN**
**Deputéierten**